



Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8014 vum 22. Mee 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Firwat gëtt net mat engem API (Application Programming Interface) geschafft, wou d'Entwéckler vun de Logicielen déi haut well vun Dokteren agesat ginn kéinten automatiséiert ugebonne ginn?

Eng API vum Carnet de vaccination électronique (CVE) ass zur Zäit am gaangen entwéckelt ze ginn, a wäert an nächster Zukunft den Entwéckler vu Logiciellen am Gesondheitssecteur zu Verfügung gestallt ginn. Dës wäert d'Iwwerdroen vum Historique vum Patient sengen Impfungen aus dem CVE dann duerno automatesch an den Dossier de soins partagés (DSP) erméiglechen.

D'Saisie vun den Daten vum Impfstoff selwer gëtt mat engem Handscanner gemaach, dee vun der Agence eSanté allen Dokteren, déi Leit impfen, gratis zur Verfügung gestallt wäert ginn. Domat ginn automatesch all Impfstoffdaten sécher an de System iwwerdroen.

2. Firwat gëtt den Assuréeën net direkt am Message doriwwer informéiert, ëm wat fir eng Impfung et geet?

Eng Notifikatioun per E-Mail an/oder SMS gëtt un den Titulaire vum CVE geschéckt, wann dësen (oder säin Dokter) seng Kontaktdaten am CVE an déi dofir virgesi Felder richteg aginn huet. An der Notifikatioun vum Impfrappel, déi per E-Mail verschéckt gëtt, gëtt den Impfstoff vun der virzebeugender Krankheet, uginn. Et bleift awer den Dokter, deen mam Patient entscheet, wéi een eenzelnen oder eventuell kombinéierten Impfstoff benotzt gëtt. An der Notifikatioun vum Impfrappel, déi per SMS geschéckt gëtt, ass d'Unzuel vun den Zeechen aus technesche Grënn limitéiert, sou dass et hei net méiglech ass, déi betreffen Krankheet(en) z'ernimmen; d'Verschécken vum SMS kéint soss refuséiert ginn.

3. Firwat gëtt den Assuréeën net direkt am Message doriwwer informéiert, ëm wat fir eent vu senge Kand et geet?

Deen Elterendeel vum Kand, deen e CVE huet an dee seng Kontaktdaten uginn huet, kann iwwert de CVE eng Notifikatioun matgedeelt kréien (esou wéi och de behandelnden Dokter). Am Message vum Impfrappel gëtt de Virnumm vun der Persoun, déi Titulaire vum CVE ass, erwähnt. Dass nëmmen de Virnumm bei Notifikatiounen ugewisen gëtt, ass fir d'Vertraulechkeet an der Veraarbechtung vu medezineschen Donnéeën iwwer SMS oder E-Mail z'erméiglechen.

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert